

Serge Faber

Kannst du dich selbst kurz vorstellen?



Ech sinn zënter elo 49 Joer de Serge Faber. Gebuer an opgewuess sinn ech zu Esch/Uelzecht. Ech wunnen awer säit bal 20 Joer zu Éilereng an der Escherstrooss an hu mech vun Ufank u mat menger Famill an der Gemeng Suessem wuel gefillt. Meng Famill, dat si meng Fra, eis 4 Kanner an och eis 2 Muppen. Ech schaffen als Steierbeamten um Enregistrement a sinn do haauptsächlech zoustänneg fir d'Bekämpfung vum nationalen an internationalen TVA-Bedruch a fir Risikoanalys. A menger Jugend hunn ech vill Sport gemaach, Handball, Tennis, Vëlo, Haut ass dovunner just nach spadséiere goen a schwammen iwwreg bliwwen. Donieft kachen (an iessen) ech och nach ganz gären. Politesch war ech nach ëmmer interesséiert. Richtig aktiv sinn ech bei déi gréng elo zënter 7 Joer. Ech si Sekretär vun eiser Suessemer Sektioon a war oder sinn an de läschte Joren an de berodende Gemengekommissioun fir d'Finanzen, d'Bauten, de Verkéier an d'Ëmwelt ganz aktiv. Als Trésorier vun der Partei hunn ech och d'Éier fir am nationale Comité a Bureau exécutifs matzeschaffen an d'Richtung vun der grénger Politik bei eis am Land matzegestalten.

Was sind deine politischen Prioritäten (in der Gemeinde und allgemein)?

Wann ee sech fir Politik interesséiert a Politik och wëll matgestalten, da sollt een sech fir all Beräich vum deegleche Liewen (an och doriwwer eraus) interesséieren a bei sengen Iwwerleeungen a sengem Handeln d'Wuelbefanne vum Mënsch, der Natur an der Ëmwelt ëmmer an de Mëttelpunkt stellen, egal ob an eiser Gemeng Suessem oder an eisem klengen Lëtzebuerg. Et geet alle Leit gutt bei eis, dat héiert ee ganz oft! Jo, dat ass och richtig; mee verschiddene geet et ganz gutt, anere manner gutt a nach anere geet et guer net gutt. Ech wëll mech dofir asetzen, datt et, esou wäit wéi et méiglech ass, all Matbierger*in an eiser Gesellschaft 't selwecht gutt geet. Zu enger gudder Liewensqualitéit gehéiere fir mech e friddlecht Zesummeliewen, en Daach iwwert dem Kapp, eng gutt Gesondheet an domat verbonnen eng gesond Ëmwelt a gesond Liewensmëttel, eng sënnvoll Beschäftegung a genuch Suen an der Täscher fir mer iwwert meng Zukunft an d'Zukunft vu menger Famill keng Suerge mussen ze maachen. Dofir leie meng politesch Prioritéite virun allem an der Schafung vu bezuelbarem Wunnraum, am Ëmsetze vun enger ekologescher nohalteger an enger sozial gerechter Wuesstums- a Steierpolitik a natierlech och am Schutz vun eiser Natur an dem Erhale vun der Biodiversitéit.

Was erwartest du dir bei den Parlamentswahlen?

Ech si virun allem emol houfreg, zu der motivéierter Equipe vun de 60 gréngen Kandidaten ze gehéieren. Alleguer zesumme wäerte mär eis dofir asetzen, datt gréng och weiderhin an eisem Land an doriwwer eraus wierke kann. An de läschte Joeren hunn déi gréng an der Regierung d'Verantwortung iwwerholl fir an hire Ressorten wichteg Projeten ëmzesetzen a Reformen unzegoen. Esou ënner anerem am Natur- an Ëmweltschutz mat de neie Waasser-, Quellen-, Buedem- an Déieren- a Naturschutzgesetzter; an der Landesplanung mat sektorielle Pläng déi koherent openeen ofgestëmmt sinn; an der Justiz mat ënner anerem dem ‚Mariage pour tous‘,

de Verbesserungen am Jugendschutz an am Scheidungsrecht an och an der Mobilitéit (do brauch et allerdéngs nach eng Zäit bis d'Verbesserunge sech weise wäerten).

Mee ass elo alles gutt? Nee, nach laang net, et bleift nach vill ze dinn!

Ech sinn iwweezeegt, datt déi gréng bei de Parlamentswahle am Oktober vum Wieler gestäerkt ginn fir datt mär an enger nexter Regierung eis gutt Aarbecht weider kënne féieren an dëst am Sënn vun all Bierger*in a besonnesch och am Sënn vun eisem Kolleg a Frënd Camille Gira, deen eis virun e puer Woche vill ze fréi verlooss huet.